piraten.lu

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.**

Den Taux d'absentéisme ass ee wichtegen Indicateur fir d'Wuelbefannen op der Aarbecht ze moossen an z'analyséieren. Am Rapport *Absentéisme pour cause de maladie : ce que disent les chiffres* gëtt d'IGSS Informatiounen dozou fir d'Joer 2026. De Rapport vun der IGSS analyséiert allerdéngs nëmmen de Privatsektor an net den ëffentlechen Déngscht.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Existéieren Analysen (punktuell oder reegelméisseg) iwwert den Taux d'absentéisme am ëffentlechen Déngscht, déi mat de Publikatioune vun der IGSS fir de Privatsecteur vergläichbar sinn?
    - Falls jo, wou ginn dës Etüde veröffentlecht?
    - Falls nee, firwat net an ass d'Regierung bereet, eng reegelméisseg ëffentlech Publikatioun iwwert den Absenteismus am ëffentlechen Déngscht anzeféieren?

Mat déiwem Respekt,

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

GOERGEN Marc
Deputéierten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés